N°55
Entrée le 28.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

An enger Sëtzung vun der Commission des Finances ass eisem Representant op Nofro confirméiert ginn, dass déi temporär Baisse vun der TVA zum 1. Januar 2024 opgehuewen an den Taux erëm op 17% ugehuewe gëtt. Natierlech huet esou eng Adaptéierung, bei der Hypothees vun enger normaler Consommatioun iwwert e Joer gekuckt, e positiven Effekt op d'Recette vum Staat.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Huet de Ministère Previsioune virleien, wéi vill zousätzlech Recetten des Adaptéierung vum Taux vun der TVA viraussiichtlech wäert generéieren? A falls jo, wéi héich sinn dës Recetten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°55
Entrée le 22.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°55 vum 28. November 2023 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement iwwert TVA-Tauxen an TVA-Recetten**

D'Auslafe vun der temporairer Baisse vun 1% vun den normalen, reduzéierten an intermediairen TVA-Säz gouf am Kader vum Staatsbudget 2023, genee sou wéi am Stabilitéitsprogramm 2023 an och bei de Viraarbechte vum Staatsbudget fir 2024 antizipéiert. De "positiven" Effekt fir de Staatsbudget ass deementspriechend an de leschten Zuele scho mat berücksichtegt. D'Enregistrementsverwaltung schätzt aktuell den Effekt vum Auslafe vun der temporairer Mesure op den TVA-Säz op 245 Millioune Recetten. Et soll hei ënnerstrach ginn, dass et sech ëm Estimatiounen handelen, déi ganz staark vun der Konjunktur a vun der Kafkraaft vun de Leit beaflosst ginn. Dës zwee Facteure spille sécherlech eng méi grouss Roll an der Previsioun vun de Gesamtrecetten, ewéi d'Zrécksetze vum normale Steiersaz vu 16% op 17%.

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2023

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth